N°7745
Entrée le 17.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7745 vum 10. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

Kann d'Ministesch bestätegen, dass et hei am Land Cabinete ginn, déi privaten Investisseuren an net den Doktere selwer gehéieren? Wa jo, wéi vill esou Cabinete ginn et an a wat fir Gemenge sinn dës lokaliséiert?

Am Fall wou d'Äntwert op d'Fro 1 "jo" ass: Wéi ass et méiglech, dass privat Investisseuren, déi selwer keng Doktere sinn, Cabinets médicales kënnen opmaachen an eng Autorisatioun fir medezinesch Geräter kréien? Wat ass hei d'Base légal a wéi eng Prozedure mussen duerchlaf ginn? Wann jo, wéi eng?

Den Gesondheetsministère kann nët formell bestätegen dat et hei am Land Cabinete ginn, déi privaten Investisseuren an nët Doktere selwer gehéieren. Den gesetzlechen professionellen Register beinhalt exklusiv d'Donnéeën vun deenen Persounen, déi op Basis vum ofgeännerten Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwer Medeziner, Zännmedeziner an Veterinär-Medeziner, eng Autorisatioun kritt hunn d'Medezin z'exercéieren. Laut geltendem Recht ass et och deenen Persounen, déi eng Autorisation d'exercer op Basis vum précitéierten Gesetz hunn, virbehal, en Cabinet médical z'exploitéieren. D'Gesetz verbidd awer nët vir Infrastrukturen an Equipementer zur Verfügung ze stellen. Nëmmen en autoriséierten Dokter däerf och medezinesch Équipementer an Apparater exploitéieren.

D'Autorisatiounsprozedur fir duerfen z.B. ee Röntgengerät ze bedreiwen ass am Stralenschutzgesetz vum 28. Mee 2019 an den Artikelen 44-46 festgeluecht. Fir kennen dës Autorisatioun ze kréien muss den Demandeur, an der Regel de Propriétaire vum Röntgenapparat, eng Rei vun Noweiser bréngen déi am groussherzogleche Règlement vum 1. August 2019 an den Artikelen 19 an 20 beschriwwe sinn.

Déi juristesch Form vum Etablissement dat d'Demande stellt, ass net definéiert am Stralenschutzgesetz. Am Fall vun den Zänndokter-Cabineten muss de Chef vum Etablissement deemno net selwer Zänndokter sinn. Wann de Chef vum Etablissement net déi néideg Qualifikatiounen huet, muss en iwwer qualifizéiert an autoriséiert Personal verfügen. D'Responsabilitéit fir de Stralenschutz an de Respekt vum Stralenschutzgesetz opläit ëmmer dem Chef vum Etablissement, onofhängeg dovunner op et ee Familljebetrib, en privaten Dokter-Cabinet, ee Spidol oder soss e Betrib ass.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Vill vun den Dokteren aus de genannte Cabinete sollen ënnert engem sougenannten "Contrat de collaboration" dacks aus dem Ausland op Lëtzebuerg gelackelt an ënnert schlechte Konditiounen ugestallt ginn. Gëtt et eng legal Basis, déi esou Kontrakter reegelt an d'Doktere virun Ausbeutung schützt?
Wa jo, wéi eng? Wann nee, wéi kann et sinn, dass et scho Cabinete ginn, déi ënnert esou engem Regime funktionéieren?

Et gëtt keng legal Basis déi Kontrakter zwëschen Dokteren an nët Dokteren regelt. Allerdéngs ass den Partage d'honoraires gesetzlech (Artikel 32 vum précitéierten ofgeännerten Gesetz vum 29. Abrëll 1983) wéi och deontologesch verbueden. Wann sou en „contrat de collaboration" awer z.B. just als Zweck huet fir engem Dokter Infrastrukturen an/oder Équipementer zu Verfügung ze stellen géint en Loyer, ass dat weder gesetzlech nach deontologesch verbueden.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert